SYNECO

# Schoulbuet

## 2026 - 2027



GEMENG BECH

GEMENG manternach

# Sommaire

Mega!

Virwuert 01 – 13

Ah…! Gutt ze wëssen! 14 – 35

De Bus ass do! 36 – 41

Cheese! 42 – 69

D'Pinnwand 70 – 89

!!

2026/2027

Cool!



**Jempi Hoffmann**
President Synecosport | Buergermeeschter Gemeng Manternach
*Président du Synecosport | Bourgmestre de la commune de Manternach*

LU

**Léif Schoulkanner, Léif Eltere vun de Kanner, léift Personal aus der Schoul, der Crèche an der Maison Relais, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Bureau an dem Comité vum Synecosport, léif Biergerinnen a Bierger aus de Gemenge Manternach a Bech,**

mir freeën eis alleguerten zesummen erëm op e flott Schouljoer 2026/2027 fir d'Kanner an d'Léierpersonal a kucken an dësem Schoulbuet awer och op schéin an opreegend Erënnerungen aus de leschten zwielef Méint zeréck. Et stinn am neie Schouljoer fir si erëm vill Erausfuerderungen an Aufgabe virun der Dir, op déi si voller Freed kucken. **Fir eis als politesch responsabel ass et wichteg, de Kanner am de Personal och an de nächste Jore weiderhi gutt Konditiounen ze bidden an d'Infrastrukture weider kontinuéierlech ze verbesseren.**

**An deem Kontext sinn ech immens frou, dass mir elo am Hierscht kënne mam neie Modularbau ufänken. Dëse Projet ass virun e puer Woche presentéiert ginn. Dat Dokument fënnt een och ënnert dem Link op deser Säit.** Wa mir den enken Zäitplang anhalen, sollt d'Gebai de nächste Summer fäerdeg si fir dass d'Maison Relais an d'Crèche kënnen do hi plënneren. Wärend gutt zwee Joer gëtt dann d'Maison Relais opgestockt an et komme vill nei Räim, dorënner och eng pädagogesch Kichen an e Raum fir den Airtramp dobäi. Weiderhi gëtt d'Gebai och secherheetstechnesch konforme gesat. No der Bauphas plënnert d'Maison Relais dann erëm rop op hir initial Plaz an dat neit Gebai kann als nei Schoul genotzt ginn. Uschléissend soll dann och nach d'Gebai vun de Cyclen 2-4 renovéiert a moderniséiert ginn. Et waard also nach vill Aarbecht op eis.

https://manternach.lu/wp-content/uploads/2025/12/20260618_Presentation_Ausbau_MR_Schoul_Modulaire-web.pdf

FR

***Chers élèves, chers parents d'élèves, chers membres du personnel de l'école, de la crèche et de la maison relais, chers collègues du bureau et du comité du Synecosport, chers habitantes et habitants de la commune de Manternach et Bech,***

*nous nous réjouissons d'ores et déjà de pouvoir entamer une nouvelle année scolaire 2026/2027 qui sera certainement pleine de joies et de surprises, tant pour les élèves que pour le personnel enseignant, et nous profitons de cette édition du Schoulbuet pour revenir sur quelques beaux souvenirs que nous ont laissés les douze derniers mois. Une nouvelle année scolaire, c'est beaucoup de défis et beaucoup de travail, mais que vous aborderez sûrement avec grand enthousiasme.* **Pour nous, décideurs politiques, il est important de continuer à garantir aux élèves comme au personnel de bonnes conditions de travail tout en poursuivant nos efforts en vue de l'amélioration des infrastructures.**

**À cet égard, je suis très heureux de vous annoncer que dès l'automne, nous pourrons prendre possession de notre nouveau bâtiment modulaire. Ce projet vous a été présenté il y a quelques semaines, et vous pouvez retrouver le document en suivant le lien sur cette page.** *Si nous réussissons à nous tenir au calendrier, certes un peu juste, le bâtiment devrait être prêt à accueillir la maison relais et la crèche dès l'été. Pendant deux bonnes années, nous travaillerons à la maison relais et lui adjoindrons de nombreux nouveaux espaces, dont une cuisine pédagogique et une salle d'airtramp. Nous en profiterons aussi pour mettre le bâtiment en conformité. Une fois les travaux achevés, la maison relais redéménagera et réintégrera son emplacement initial, libérant ainsi le nouveau bâtiment pour l'école. Ensuite viendra le tour du bâtiment qui abrite les cycles 2 à 4 et qui sera lui aussi rénové et modernisé. Il reste donc du pain sur la planche…*

*https://manternach.lu/wp-content/uploads/2025/12/20260618_Presentation_Ausbau_MR_Schoul_Modulaire-web.pdf*

**Besonnesch frou si mir als Bureau vum Synecosport och iwwert de nei geschafenen Kannerrot an der Schoul.** Mir haten dës Joer vill interessant Entrevuë mat hinnen an hunn zesumme mat hinnen a mat hire villen Iddien e neie Projet fir eng flott Spillplaz ausgeschafft. Dës soll nächst Joer virum Summer färdeg gestallt ginn. **Ech freeë mech drop, fir weider kënne mat hinnen ze schaffen an hir Iddie probéieren ëm ze setzen.**

**Weiderhin ass och de Schoulbongert sou gutt wéi färdeg.** Hei bitt sech de Kanner eng weider interessant Léierplaz an der Natur. Ech wënschen hinne vill Freed do.

Et ass um Enn vum Schouljoer och wichteg, all deene Leit Merci ze soen, mat deene mir vill zesumme schaffen. E ganz **besonnesche Merci geet un de Gilles Irthum an seng ganz Equipe**. Mir stinn a permanentem Austausch mateneen a probéiere fir all Defi'en eng Léisung ze fannen. Besonnesch mam Projet „Alpha“ awer och aneren Neiegkeeten, wäert et déi nächst Joren net langweileg ginn. **Dee selwechte Merci gëllt fir dat ganzt Personal vun der Maison Relais,** mat deene mir och an enke Kontakt stinn, besonnesch lo fir déi nei Projet'en, déi eis erwaarden. Ech wëll och dovu profitéieren, **der ELVERE an den Elterevertrieder fir hiren Asaz am Sënn vun de Kanner aus alle Cyclë Merci ze soen.**

Ech wëll och **dem ganze Personal vum Synecosport, dem Martine, dem Marc L., dem Marc K., dem Ben, dem Jérôme an dem Pit e grousse Merci** soen fir hiren dagdeeglechen Asaz fir de Syndikat. Mir kënnen eis ëmmer op si verloossen, an dat ass wichteg. Dann wëll ech och de Kolleegen aus dem Bureau an dem Comité Merci soen fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen an Duerchkucke vum Schoulbuet. De Schülerinnen a Schüler zesumme mat hiren Enseignantë wënschen ech e schéint an erfollegräicht Schouljoer 2026-2027.

***Le bureau du Synecosport se réjouit aussi de pouvoir collaborer avec le nouveau conseil scolaire des enfants.*** *Cette année, nous avons eu bon nombre d'entrevues intéressantes, et nous avons tenu compte des nombreuses idées que ses membres ont exprimées pour concrétiser, notamment, un projet visant à aménager une magnifique aire de jeux, qui sera inaugurée l'année prochaine, juste avant l'été.* ***Je me fais une joie de continuer à collaborer avec ce conseil et d'essayer de donner vie à ses excellentes suggestions.***

***Le verger de l'école est lui aussi en phase d'achèvement.*** *Il constituera certainement un bel outil pédagogique en pleine nature pour les enfants, à qui je souhaite d'ailleurs de bien en profiter.*

*En cette fin d'année scolaire, il est également* ***important de remercier toutes celles et ceux avec qui nous collaborons au quotidien, et notamment Gilles Irthum et son équipe****, avec qui nous échangeons en permanence et avec qui nous tentons de relever tous les défis qui se présentent et de toujours trouver les solutions qui conviennent. Le projet « Alpha » en particulier, mais il n'est pas la seule nouveauté, nous tiendra sûrement encore en haleine dans les années à venir. J'****adresse les mêmes remerciements au personnel de la maison relais****, avec qui nous entretenons aussi des contacts étroits, en particulier dans le cadre des nouveaux projets qui nous attendent. Je souhaite également profiter de l'occasion pour adresser* ***mes remerciements à l'ELVERE et à la délégation des parents pour leur engagement pour les enfants de tous les cycles****.*

*Je voudrais encore* ***remercier l'ensemble du personnel du Synecosport, Martine, Marc L., Marc K., Ben, Jérôme et Pit****, pour leur engagement quotidien pour le syndicat. Nous pouvons toujours compter sur eux, et cela a son importance ! Enfin, je voudrais remercier les collègues du bureau et du comité pour cette collaboration constructive.*

Je vous souhaite une bonne lecture de ce bulletin. Je souhaite aux élèves ainsi qu'à leurs enseignants une excellente année scolaire 2026/2027.


Wann dir Froen, Kriticken oder Suggestiounen un de Synecosport oder u mech hutt, kënnt dir Iech bei mir mellen:
jean-pierre.hoffmann@manternach.lu



Si vous avez des questions, des critiques ou des suggestions à transmettre au Synecosport ou à moi-même, n'hésitez pas à me contacter :
jean-pierre.hoffmann@manternach.lu



**Gilles Irthum**
President vum Schoulkommitee
*Président du comité d'école*



LU

**Léif Elteren,**
**léif Leit,**
**léif Kanner,**

**Mat Zefriddenheet kucke mir op dat vergaangent Schouljoer 2025/2026 zréck. Et war e Joer voller léierräicher Erfarungen, spannender Projeten, kreativer Aktivitéiten a villen onvergiessleche Momenter. Als Schoulcommunautéit hu mir zesumme geléiert, gelaacht, gefeiert a gemeinsam Erausfuerderunge gemeeschtert. Dobäi ware virun allem Engagement, Zesummenhalt a géigesäitege Respekt déi wäertvoll Fundamenter vun eisem Alldag.**

Op de Säite vun den eenzelne Cyclë kritt dir wéi gewinnt en Abléck an déi vill Facette vun eiser pedagogescher Aarbecht. Duerch d'Ae vun de Kanner entdeckt dir déi grouss Virwëtzegkeet, Kreativitéit a Begeeschterung, déi eist Schoulliewen um Campus an op de ville Sortien a Projete geprägt hunn. **Mir soen all de Kanner, Elteren a Mataarbechter e grousse Merci fir hiren Asaz,** hir Ënnerstëtzung an déi vill positiv Energie, déi dëst Schouljoer zu engem ganz besonnesche gemaach hunn.

Am Kader vun der Schoulorganisatioun wäerten am Precoce och am kommende Schouljoer nees zwou Klasse fonctionéieren. **Eng Neierung gëtt et am Cycle 1. Nodeems mir an de Cyclen 2 bis 4 scho säit Joren erfollegräich am Team schaffen, wäerte mir dëst Konzept elo och am Cycle 1 aféieren. Dobäi wäerten d'Kanner wärend e puer Stonne pro Woch a sougenannte Krittäresgruppen schaffen.** Dëst erméiglecht et eis, nach méi gezielt op déi individuell Stäerkten, Interessen a Besoine vun de Kanner anzegoen an hinnen eng nach méi differenzéiert Férderung unzebidden.

FR

***Chers parents,***
***chers concitoyens,***
***chers enfants,***

*C'est avec beaucoup de satisfaction que nous jetons un regard rétrospectif sur l'année scolaire 2025/2026. Cette année a été riche en apprentissages, en découvertes, en projets motivants, en activités créatives et en nombreux moments de partage. Ensemble, nous avons appris, ri, célébré des réussites et relevé des défis. L'engagement, la solidarité et le respect mutuel ont une fois de plus constitué les fondements de notre vie scolaire.*

*Au fil des pages consacrées aux différents cycles, vous découvrirez les multiples facettes de notre travail pédagogique. À travers les réalisations et les témoignages des enfants, vous pourrez voir la curiosité, la créativité et l'enthousiasme qui ont animé notre école, tant sur le campus que lors des nombreuses sorties et activités organisées tout au long de l'année. Nous adressons nos plus sincères remerciements à tous les enfants, aux parents ainsi qu'à l'ensemble des membres du personnel pour leur engagement, leur confiance, leur soutien et toute l'énergie positive qu'ils ont apportée à notre communauté scolaire. Grâce à chacun d'entre eux, cette année scolaire restera particulière à bien des égards.*

*Dans le cadre de l'organisation scolaire, deux classes de précoce fonctionneront à nouveau durant la prochaine année scolaire. Nous poursuivrons ainsi nos efforts afin d'offrir aux enfants les meilleures conditions possibles pour leurs premiers pas dans le monde scolaire. Une évolution importante concernera le cycle 1. Après plusieurs années d'expérience positive du travail en équipe dans les cycles 2 à 4, nous étendrons ce modèle au cycle 1. Les enfants travailleront plusieurs heures par semaine au sein de groupes de besoins, appelés « groupes à critères ». Cette organisation permettra de répondre encore davantage aux forces, aux intérêts et aux besoins spécifiques de chaque enfant, tout en proposant un accompagnement plus différencié et personnalisé.*

**Gläichzäiteg stelle mir fest, datt eis Kannerzuele weider liicht klammen. Als Schoulcommunautéit begréisse mir dofir ausdrécklech de geplangte Schoulausbau, deen no der Erweiderung vun der Maison relais an de kommende Jore Realitéit gëtt. Dës Investitioun ass e wichtegt Zeeche vu Wäitsiicht a wäert et eis erlaben, och an Zukunft ënner optimale Konditiounen ze schaffen.** Schonn an de vergaangene Jore war et dank der nohalteger Politik vun eisem Schoulsyndikat Synecosport méiglech, eis Infrastrukturen an eis Organisatioun kontinuéierlech un d'Entwécklunge vun der Schoul unzepassen. Dofir soe mir de Responsabele vum Syndikat e grousse Merci. Vun der geplangter Erweiderung wäerten net nëmmen d'Kanner, mee déi ganz Schoulcommunautéit profitéieren.


Dat selwecht gëllt fir de **Projet Alpha, dee mir am Hierscht am Cycle 1.2 starten. D'Kolleeginnen aus dem Cycle 1 hunn an de leschte Wochen a Méint vill Engagement gewisen a vill Viraarbecht geleescht, fir d'Kanner an hir Elteren esou gutt wéi méiglech op d'Orientéierung am zweeten Trimester vum Cycle 1.2 am Kader vun der Alphabetiséierung virzebereeden.** Och wann eis Schoul am Oste vum Land läit an ongeféier dräi Véirel vun eise Kanner doheem Lëtzebuergesch schwätzen, si mir iwwerzeegt, datt mir dëse Projet mat där selwechter Seriositéit, Sorgfalt a Qualitéit ëmsetze wäerten ewéi all eis aner pedagogesch Projeten. **Dobäi profitéiere mir nees vun der Wäitsiicht vun eisem Schoulsyndikat: duerch den Aus- a Weiderbau vun eiser Schoul wäerten déi néideg Raimlechkeeten zur Verfügung stoen, fir de Projet Alpha ënner optimale pedagogeschen an organisatoresche Konditioune mëttel a laangfristeg ëmzesetzen**.

**An de Cyclen 2 bis 4 schaffe mir och am kommende Schouljoer weider am Team, esou wéi dat schonn zënter aacht Joer de Fall ass. Dës Aarbechtsweis huet sech bewäert a stellt e wesentleche Pluswäert fir eis Kanner duer. Nei ass dobäi, datt all Titulaire op d'mannst zwee Haaptfächer a sengem Grupp assuréiert.** Doduerch bleift déi enk Relatioun tëscht dem Léierpersonal an de Kanner erhale, gläichzäiteg kënne mir awer och weider vun de Stäerkten a Kompetenze vun de verschiddene Membere vum Team profitéieren. Sou versiche mir, eis Schoulorganisatioun permanent am Sënn vun de Kanner weiderzeentwéckelen an déi beschtméiglech Léier- a Liewensbedingunge fir all Kand ze schafen. Wéi all Joer huet de Kader vun de Contingentsstonnen eis Méiglechkeete bei der Opstellung vun der Schoulorganisatioun beaflosst. An deem Sënn géif ech mir wënschen, datt bei zukünftegen Iwwerleeungen um nationale Plang de lokale Realitéiten an de konkrete Besoine vun de Schoulen nach méi Opmierksamkeet geschenkt gëtt.

***Par ailleurs, nous constatons que le nombre d'élèves continue à augmenter progressivement. En tant que communauté scolaire, nous nous réjouissons particulièrement du projet d'agrandissement de notre école qui, après l'extension de la Maison Relais, devrait voir le jour au cours des prochaines années. Cet investissement témoigne d'une vision à long terme et nous permettra de poursuivre notre travail dans des conditions optimales.*** *Grâce à la politique durable et prévoyante menée depuis de nombreuses années par le syndicat scolaire SYNECOSPORT, nos infrastructures et notre organisation ont pu être adaptées en permanence à l'évolution des besoins de notre école. Nous remercions chaleureusement les responsables du syndicat pour leur engagement constant. Cette extension profitera non seulement aux enfants, mais aussi à l'ensemble de notre communauté scolaire.*

*Il en va de même pour l*___e projet Alpha, qui sera lancé à l'automne au cycle 1.2. Au cours des derniers mois, les enseignantes du cycle 1 se sont investies avec beaucoup de professionnalisme dans un important travail de préparation afin d'accompagner au mieux les enfants et leurs parents lors de l'orientation prévue au deuxième trimestre du cycle 1.2.___ *Bien que notre école soit située dans l'est du pays et qu'environ trois quarts de nos élèves parlent luxembourgeois à la maison, nous sommes convaincus que ce projet sera mis en oeuvre avec le même sérieux, la même rigueur et la même qualité que l'ensemble de nos autres projets pédagogiques.* ***Là encore, les infrastructures prévues dans le cadre de l'agrandissement de notre école offriront les conditions pédagogiques et organisationnelles nécessaires à sa réussite.***

***Dans les cycles 2 à 4, nous poursuivrons également le travail en équipe, une organisation qui a largement fait ses preuves depuis maintenant huit années****. **Cette manière de travailler constitue une véritable valeur ajoutée pour nos élèves. La principale nouveauté résidera dans le fait que chaque titulaire assurera désormais au moins deux branches principales au sein de son groupe.*** *Cette mesure permettra de préserver la relation privilégiée entre l'enseignant et ses élèves tout en continuant à tirer profit des compétences et des points forts des différents membres de l'équipe. Nous veillons ainsi à faire évoluer continuellement notre organisation dans l'intérêt des enfants et de leur réussite. Comme chaque année, le cadre des leçons de contingent a influencé les possibilités dont nous disposons pour élaborer l'organisation scolaire. Dans cette perspective, nous souhaitons que les futures réflexions menées au niveau national accordent encore davantage d'attention aux réalités locales et aux besoins concrets des écoles.*



**Eise Schoulhoraire hu mir fir dat kommend Schouljoer liicht adaptéiert. Sou hu mir decidéiert, d'10-Minutte-Paus nomëttes ofzeschafen.** An der Praxis haten d'Kanner meeschtens just genuch Zäit, fir bis an de Schoulhaff ze kommen, ouni wierklech vun de Spillméiglechkeeten ze profitéieren. Och de syntheeteschen Terrain konnt an där kuerzer Zäit kaum genotzt ginn. Aus pedagogescher Siicht huet dës Paus deemno net méi de gewënschten Notzen erfëllt. Gläichzäiteg erlaabt eis dës Upassung, d'Schoulbusser vum Cycle 1 an de Cyclen 2-4 méi kuerz hannerenee fortfueren ze loossen. **Doduerch verkierzt sech d'Waardezäit fir d'Kanner aus dem Cycle 1, déi bis elo dacks méi laang op hir méi grouss Kolleeginnen a Kolleegen hu misse waarden.**

Ausserdeem hu mir am Laf vum Schouljoer **intensiv un eisem Plan de Développement de l'Établissement scolaire (PDS) weidergeschafft**. Am Beräich vun den digitale Medien hu mir eis besonnesch op den Asaz vu Coding-Materialien an op e sécheren a responsabelen Ëmgang mat digitale Medien a kënschtlecher Intelligenz (KI) konzentréiert. Eis **Zil ass et, d'Kanner schonn am jonken Alter op d'Erausfuerderunge vun enger ëmmer méi digitaliséierter Welt virzebereeden an hinnen déi néideg Kompetenze mat op de Wee ze ginn.**

Och eisen neie **Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP)**, deen op enger **enker Zesummenaarbecht mat der Maison Relais an allen internen an externe Schoulpartner baséiert, gouf nach eemol iwwerschafft. Dobäi war et eis wichteg, den Austausch tëschent allen Acteuren nach méi dynamesch a lieweg ze gestalten.** D'Kommunikatioun soll sech net nëmmen op formell Versammlunge beschränken, mee am Alldag gelieft ginn an zu enger nohalteger Partnerschaft bäidroen. An dësem Kontext wëll ech besonnesch eise ganz aktiven a motivéierte Sportsgrupp ervirhiewen, deen an enker Ofstëmmung mat de lokale Veräiner schafft an domat e wichtege Bäitrag zur sportlecher Entwécklung vun eise Kanner leescht.

Ganz positiv ass och d'Entwécklung vun eisem **Kannerrot KAROT,** dee vun de Kanner mat groussem Interessi an Engagement ugeholl gouf. **Am Laf vum Joer sinn do vill flott an innovativ Iddien entstanen**, déi dem Schoulsyndikat an dem Schoulcomité virgestallt goufen. E besonnesch flott Beispill vun dëser **gelongener Participatioun ass déi geplangten Neigestaltung vun der Spillplaz** nieft dem syntheeteschen Terrain. Vill vun den Iddie vun de Kanner si bei dësem Projet mat agefloss. Op dëser Plaz wëll ech am Numm vun der ganzer Schoul e grousse Merci un eise Schoulsyndikat riichten, deen duerch säin Engagement an seng Investissementer d'Ëmsetzung vun dësem Projet méiglech mécht.

***Nous avons également apporté une légère adaptation à notre horaire scolaire pour l'année à venir. Après analyse de la situation, nous avons décidé de supprimer la pause de dix minutes de l'après-midi.*** *Dans la pratique, ce temps était trop court pour permettre aux enfants de profiter réellement des espaces de jeu, notamment du terrain synthétique. D'un point de vue pédagogique, cette pause ne répondait donc plus pleinement aux objectifs recherchés. C**ette modification permettra également de rapprocher les horaires de départ des bus scolaires du cycle 1 et des cycles 2-4 et de réduire ainsi le temps d'attente des plus jeunes élèves.***

*Tout au long de l'année, nous avons poursuivi* ***avec détermination le travail engagé dans le cadre de notre Plan de Développement de l'Établissement Scolaire (PDS)****. Dans le domaine du numérique, nous avons notamment mis l'accent sur l'utilisation de matériel de codage ainsi que sur une approche réfléchie, sûre et responsable des médias numériques et de l'intelligence artificielle.* ***Notre ambition est de préparer les enfants, dès leur plus jeune âge, aux défis d'un monde en constante évolution et de leur permettre de développer les compétences essentielles à leur avenir.***

*Notre Plan d'****Encadrement Périscolaire (PEP)****, fondé sur une* ***collaboration étroite avec la Maison Relais et l'ensemble de nos partenaires internes et externes, a également fait l'objet d'une nouvelle révision. Nous souhaitons renforcer encore davantage les échanges entre tous les acteurs de la communauté éducative****. La communication ne doit pas se limiter aux rencontres formelles ; elle doit être vécue au quotidien afin de consolider un partenariat durable, dynamique et constructif. À ce titre, je tiens à souligner l'excellent travail de notre groupe sport, dont l'engagement et la collaboration avec les associations locales contribuent de manière significative au développement sportif de nos élèves.*

***L'évolution de notre conseil des enfants KAROT mérite également d'être mise en lumière****. Cette instance a suscité un vif intérêt auprès des élèves et a favorisé l'émergence de nombreuses idées créatives et innovantes.* ***Plusieurs propositions ont été présentées au syndicat scolaire ainsi qu'au comité d'école****. Le réaménagement prévu de l'aire de jeux située à côté du terrain synthétique constitue un exemple particulièrement concret de cette participation active.* ***De nombreuses suggestions des enfants ont été intégrées au projet.*** *Nous remercions chaleureusement le syndicat scolaire pour son soutien et les investissements consentis en faveur de cette réalisation ambitieuse.*

En drëtte Schwéierpunkt vun eisem PDS betrëfft de **FUDO, eise Schoulgaart an de Schoulbongert. Dës Initiativen entwéckelen sech weiderhi ganz positiv a si mëttlerweil zu feste Bestanddeeler vun eisem Schoulliewe ginn.** Vill pedagogesch Projete ginn am a ronderëm de Schoulgaart organiséiert an duerchgefouert. Hei kënnen d'Kanner praktesch Erliefnesser sammelen, Verantwortung iwwerhuelen an d'Natur mat allen hire Sënner entdecken. Och d'Realiséierung vum Schoulbongert mécht gutt Fortschrëtter. D'Schof si schonn um Schoulsite ukomm, en Deel vun de Beem ass geplanzt an déi éischt Léierplaze souwéi de Liewenstuerm sinn an der Ëmsetzung. Sou wäert de Bongert schonn am kommende Schouljoer ëmmer méi als pedagogesche Léier-, Entdeckungs- an Erliefnisraum vun eise Kanner kënne genotzt ginn.


De véierten a leschte Schwéierpunkt vun eisem PDS betrëfft de pedagogesche roude Fuedem vun eiser Schoul. **An de verschiddene Fächergruppen ass am Laf vum Joer intensiv geschafft ginn, fir Inhalter, Methoden an Erwaardungen nach besser openeen ofzestëmmen.** Gläichzäiteg hunn eis Coordinatricen sech staark dofir agesat, déi eenzel pedagogesch Ekippen nach méi enk ze vernetzen an d'Kontinuitéit tëscht de Cyclen ze stäerken. **Am Hierscht vun dësem Joer wäerte mir en État des lieux vun eiser Schoul opstellen. Op Basis vun dëser Analys wäerte mir déi nei Prioritéiten an Ziler definéieren an domat d'Virbereedunge fir de nächste PDS ofschléissen.** Dëse PDS fir d'Period 2027–2030 gëtt dann zesumme mat der Schoulorganisatioun am Mee virgestallt a wäert déi zukünfteg Entwécklung vun eiser Schoul entscheedend matgestalten.

**Mir waren och dëst Joer nees intensiv an d'Decisiounsprozesser vum Synecosport agebonnen.** Déi Responsabel haten zu all Moment en oppent Ouer fir eis Uleies an eis Doleancen. Dofir wëll ech hinnen op dëser Plaz e grousse Merci ausdrécken. **E besonnesche Merci geet un de President, den Här Jempi Hoffmann, fir säin engagéierten, zouverléissegen a konstruktiven Asaz am Déngscht vun eiser Schoul an eise Kanner.** Mäi Merci gëllt och all de Memberen aus dem Bureau an dem Comité vum Synecosport, déi sech mat vill Engagement fir eis Schoul asetze. Sief et beim Budget, beim PDS, bei der Schoulorganisatioun oder bei de ville weidere Projeten – si stinn eis ëmmer mat Wäitbléck, Versteesdemech a praktescher Ënnerstëtzung zur Säit.

*Un troisième axe important de notre PDS concerne le* ***FUDO, notre jardin scolaire, ainsi que notre verger pédagogique. Ces initiatives connaissent un développement particulièrement positif et occupent désormais une place essentielle dans la vie de notre école.*** *Elles permettent aux enfants de vivre des expériences concrètes, de développer leur sens des responsabilités et de découvrir la nature à travers une multitude d'activités pédagogiques. La réalisation du verger scolaire progresse elle aussi de manière très satisfaisante. Les moutons sont déjà présents sur le site, plusieurs arbres ont été plantés et les premiers espaces pédagogiques, tout comme la tour de biodiversité, prennent progressivement forme. Dès la prochaine année scolaire, ce lieu sera utilisé de manière croissante comme espace d'apprentissage, de découverte et d'expérimentation.*

*Le quatrième et dernier axe de notre PDS concerne le fil rouge pédagogique de notre école.* ***Tout au long de l'année, les différents groupes disciplinaires ont travaillé intensivement afin d'harmoniser les contenus, les méthodes et les attentes.*** *Parallèlement, nos coordinatrices se sont fortement investies pour renforcer les liens entre les équipes pédagogiques et assurer une meilleure continuité entre les cycles.* ***En automne, nous réaliserons un état des lieux de notre établissement scolaire. Cette analyse nous permettra de définir les nouvelles priorités et les nouveaux objectifs qui serviront de base à l'élaboration de notre prochain PDS.*** *Ce plan couvrira la période 2027-2030 et sera présenté en même temps que l'organisation scolaire au mois de mai. Il contribuera de manière déterminante à orienter le développement futur de notre école.*

***Cette année encore, nous avons été étroitement associés aux processus décisionnels du SYNECOSPORT.*** *Les responsables ont toujours été à l'écoute de nos demandes et de nos préoccupations. Je tiens à leur adresser mes sincères remerciements.* ***Une pensée particulière revient à son président, Monsieur Jempi Hoffmann, pour son engagement constant, sa disponibilité et son soutien constructif au service de notre école et de nos enfants.*** *Mes remerciements s'adressent également à l'ensemble des membres du bureau et du comité du SYNECOSPORT, qui s'investissent avec dévouement pour notre école. Qu'il s'agisse du budget, du PDS, de l'organisation scolaire ou des nombreux autres projets, ils nous apportent continuellement leur soutien avec clairvoyance, compréhension et efficacité.*



**E ganz besonnesche Merci geet un d'Martine, de Pit, de Ben, de Marc Lommer, de Jérôme, de Marc Kohn an de Paul.** Si sinn ëmmer fir eis do a leeschten am Hannergrond eng immens wäertvoll Aarbecht. **Et ass fir eis als Schoul e grousse Virdeel, datt mir eis zu all Moment op d'Kompetenz, d'Flexibilitéit an d'Asazbereetschaft vum Personal vum Synecosport kënne verloossen.**

E **weidere Merci geet un d'Ekipp dirigeante vun der Maison Relais an un dat ganzt Personal vun eiser Betreiungsstruktur fir déi vertrauensvoll a konstruktiv Zesummenaarbecht** am Laf vum ganze Schouljoer. **Merci eisen Elterevertriederinnen an Elterevertrieder an och un d'ELVERE** fir hir villfälteg a wäertvoll Mataarbecht. Si begleeden eis bei ville wichtegen Dossieren a Projeten a droen och zur Organisatioun vu flotten Aktivitéite fir eis Kanner bäi.

**Zum Ofschloss erlaben ech mir, iech léif Elteren drun ze erënneren, datt bei Froen oder Ureegungen d'pedagogesch Ekipp vun ärem Kandären éischten Uspriechpartner ass.** Wa néideg, kënnt dir iech uschléissend un d'Koordinatioun vum Cycle oder un de Schoulcomité riichten. **Mir leeë grousse Wäert op eng oppen a respektvoll Kommunikatioun mat de Familljen.** Dofir stinn eis pedagogesch Ekippen iech kompetent a mat Engagement zur Verfügung an hunn ëmmer en oppent Ouer fir är Uleies.

**Ech wënschen iech vill Spaass beim Duerchkucke vun eisem Schoulbuet an iech an äre Léifste vill Freed a Succès fir d'Schouljoer 2026/2027.**


***Je souhaite également remercier tout particulièrement Martine, Pit, Ben, Marc Lommer, Jérôme, Marc Kohn et Paul.*** *Toujours présents lorsque nous avons besoin d'eux, ils accomplissent un travail considérable. Notre école a la chance de pouvoir compter à tout moment sur leurs compétences, leur flexibilité et leur disponibilité.*

***Mes remerciements vont également à l'équipe de direction de la Maison Relais ainsi qu'à l'ensemble du personnel de notre structure d'accueil pour la collaboration constructive et empreinte de confiance qui a marqué toute cette année scolaire.***
***Je tiens enfin à remercier chaleureusement nos représentants des parents ainsi que l'ELVERE pour leur engagement précieux et leur contribution active.*** *Ils nous accompagnent dans de nombreux dossiers et projets importants et participent à l'organisation de nombreuses activités enrichissantes pour nos enfants.*

***Pour conclure, je me permets de rappeler aux chers parents que, pour toute question ou suggestion, l'équipe pédagogique de votre enfant est votre premier interlocuteur.*** *En cas de besoin, vous pouvez ensuite vous adresser à la coordination du cycle ou au comité d'école.* ***Nous accordons une grande importance à une communication ouverte et respectueuse avec les familles.*** *C'est pourquoi nos équipes pédagogiques se tiennent à votre disposition avec compétence et engagement, et restent toujours à l'écoute de vos préoccupations et de vos besoins.*

**Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture de notre bulletin scolaire et, comme chaque année, beaucoup de joie, de réussite et de beaux moments en famille pour l'année scolaire 2026/2027.**





LU

**Léif Eltere,**
**léif Kanner,**
**léif Alleguerten,**

Och dëst Schouljoer war fir eis als Crèche a Maison Relais Renert e Joer voller Entwécklung, flott Begéinungen a wäertvollen Erfarungen. Mat vill Engagement, Kreativitéit an Teamgeescht hu mir d'Kanner am Alldag begleed an hinnen en Ëmfeld geschaf, an deem si sech sécher, gebuergen an individuell entwéckele konnten.

Och an eisem Leedungsteam huet sech dëst Joer eppes gedoen. Mat grousser Freed gratuléiere mir eiser Kolleegin Carole Cerqueira zur Gebuert vun hirem gesonde Jong a wënschen hir an hirer Famill alles Guddes fir dësen neie Liewensofschnëtt.

Gläichzäiteg freeë mir eis, **Jennifer Serra** als neie Member an eisem Leedungsteam begréissen ze dierfen. Si bréngt vill Jore Erfahrung an der Leedung vun enger Crèche innerhalb vun eiser ASBL **CJF** mat a wäert eis Equipe mat hirem Fachwëssen an hirem Engagement wäertvoll ergänzen.

Eis Leedungsteam besteet domat aus **Carole Cerqueira, Diana Gliebe, Yelle Oesch a Jennifer Serra.**

Zanter dem 1. Juli 2026 gëtt och eise Büro duerch d'Madamm **Anne Kimmes** verstäerkt. Mir soen hir e ganz häerzlecht Wëllkomm a freeën eis op eng flott Zesummenaarbecht.

### Léieren duerch Erliewen

Als Ariichtung vun der nonformaler Bildung ass et eis wichteg, Kanner am Alldag an hirer Entwécklung individuell ze begleeden. D'Spill, d'Beweegung, d'Natur an d'Partizipatioun stinn dobäi am Mëttelpunkt vun eiser pädagogescher Aarbecht.

Besonnesch d'Theeme **Natur a Beweegung** zéien sech wéi e roude Fuedem duerch eise ganzen Alldag. Mir si fest dovun iwwerzeegt, datt Kanner am beschte léieren, wa si selwer erliewen, ausprobéieren an entdecken dierfen.

FR

***Chers parents,***
***chers enfants,***
***chers lecteurs,***

*Cette année scolaire a une nouvelle fois été riche en évolutions, en belles rencontres et en expériences enrichissantes pour notre Crèche et notre Maison Relais Renert. Grâce à l'engagement, à la créativité et à l'esprit d'équipe de l'ensemble de notre personnel, nous avons accompagné les enfants au quotidien dans un environnement bienveillant, sécurisant et propice à leur épanouissement.*

*Notre équipe dirigeante a également connu quelques changements cette année. Nous adressons tout d'abord nos plus sincères félicitations à notre collègue **Carole Cerqueira** pour la naissance de son petit garçon et lui souhaitons, ainsi qu'à toute sa famille, beaucoup de bonheur dans cette nouvelle étape de leur vie.*

*Nous avons également le plaisir d'accueillir **Jennifer Serra** au sein de notre équipe dirigeante. Forte de nombreuses années d'expérience dans la gestion d'une crèche au sein de notre ASBL **CJF,** elle mettra ses compétences, son expertise et son engagement au service de notre structure.*


*Notre équipe dirigeante est désormais composée de **Carole Cerqueira, Diana Gliebe, Yelle Oesch et Jennifer Serra.***

*Depuis le **1er juillet 2026,** notre secrétariat est également renforcé par l'arrivée de **Madame Anne Kimmes.** Nous lui souhaitons la bienvenue et nous réjouissons de cette nouvelle collaboration.*

### Apprendre en vivant des expériences

*En tant que structure d'éducation non formelle, nous accordons une importance particulière à l'accompagnement individualisé de chaque enfant dans son développement. Le jeu, le mouvement, la découverte de la nature et la participation active constituent les piliers de notre approche pédagogique.*

*La nature et l'activité physique occupent une place centrale dans notre quotidien et constituent le fil conducteur de nombreux projets et activités. Nous sommes convaincus que les enfants apprennent avant tout en expérimentant, en explorant, en manipulant et en faisant leurs propres découvertes. C'est en vivant des expériences concrètes qu'ils développent leur autonomie, leur curiosité et leur confiance en eux.*




### Eis Crèche

An eiser Crèche orientéiere mir eis un de Grondprinzippie vun der **Emmi Pikler-Pädagogik**. Mat vill Zäit, Rou a Vertrauen begleede mir déi jéngst Kanner op hirem Wee an d'Autonomie. Fräi Beweegung, sécher Bezéiungen an de Respekt virum individuellen Entwécklungsrhythmus bilden dobäi d'Fundament vun eiser Aarbecht.

Nieft ville sensoreschen, motoreschen a kreative Aktivitéite sinn eis Kleng bal all Dag dobaussen ënnerwee. Si entdecke mat alle Sënner hir Ëmgéigend, notzen hir Spillplaz oder beweege sech reegelméisseg an der Sportshal, wou si hir motoresch Kompetenzen op spilleresch Aart a Weis weiderentwéckele kënnen. Eise Naturmoie bidd de Kanner dobäi vill wäertvoll Erliefnisser a schafen eng enk Verbindung mat der Natur.

Besonnesch houfreg si mir op déi ëmmer méi enk a fruchtbar Zesummenaarbecht tëscht eiser Crèche an der Maison Relais. Duerch gemeinsam Projeten, reegelméissegen Austausch an eng gutt Ofstëmmung kënne mir de Kanner en harmoneschen Iwwergank tëscht de verschiddene Betreiungsberäicher erméiglechen an eng konsequent pädagogesch Begleedung garantéieren.

Och d'Zesummenaarbecht mat den Eltere läit eis besonnesch um Häerz. Mir leeë grousse Wäert op eng oppen, vertrauensvoll a respektvoll Kommunikatioun. Nieft dem deeglechen Austausch schafe mir och bewosst flott Geleeënheete fir gemittlech Momenter zesummen, wéi zum Beispill eis Kaffisstonnen um Mammendag an um Pappendag. Dës Begéinunge stäerken d'Partnerschaft mat de Familljen an droen zu engem vertrauensvolle Mateneen bäi.

### Notre Crèche

*Au sein de notre crèche, nous nous inspirons des principes fondamentaux de la pédagogie d'**Emmi Pikler.** Dans un climat de confiance, de sérénité et de bienveillance, nous accompagnons les plus jeunes enfants vers une autonomie progressive, en respectant leur rythme de développement. La liberté de mouvement, des relations sécurisantes et le respect de l'individualité de chaque enfant constituent les fondements de notre approche pédagogique.*

*En complément de nombreuses activités sensorielles, motrices et créatives, les enfants passent autant de temps que possible à l'extérieur. Ils découvrent leur environnement avec tous leurs sens, profitent de leur aire de jeux et se rendent régulièrement dans le hall sportif, où ils développent leurs compétences motrices de manière ludique. Nos matinées en pleine nature leur offrent de précieuses expériences et leur permettent de tisser un lien privilégié avec leur environnement naturel.*

*Nous sommes particulièrement fiers du renforcement constant de la collaboration entre notre Crèche et notre Maison Relais. Grâce à des projets communs, des échanges réguliers et une étroite coordination entre les équipes, nous favorisons une continuité pédagogique harmonieuse et accompagnons les enfants tout au long de leur parcours au sein de notre structure.*

***Le partenariat avec les parents** occupe également une place essentielle dans notre quotidien. Nous attachons une grande importance à une communication ouverte, respectueuse et basée sur la confiance. Au-delà des échanges quotidiens, nous créons volontairement des moments de convivialité, notamment à l'occasion de la Fête des Mères et de la Fête des Pères, où nous partageons un café avec les familles. Ces rencontres renforcent les liens de confiance et contribuent à construire un véritable partenariat au bénéfice des enfants.*

## Eis Maison Relais

Och an der Maison Relais ass d'Natur ee vun de wichtegste Bestanddeeler vun eisem Alldag.

All Dënschdeg an Donneschdeg fanne eis Naturnomëtteger um **Billegrënnchen** statt. Dëse besonnesche Site bitt de Kanner eng natierlech Spill- a Léierlandschaft mat enger Bëschschaukel, engem Bëschsofa, selwer gebauten Tipien, enger Feierplaz, enger Schnëtzeck an dem Baach **Syre,** deen ëmmer erëm fir spannend Entdeckunge suergt. Hei erliewe Kanner d'Natur mat alle Sënner, iwwerhuelen Verantwortung, léieren zesummenzeschaffen a kënnen hir Fantasie fräi entwéckelen.

Nieft de ville Momenter am Bësch notze mir och reegelméisseg den **Airtramp** um Campus. Beweegung gehéiert zu de Grondpiliere vun eiser pädagogescher Aarbecht a gëtt am Alldag bewosst gefërdert. Mir si besonnesch houfreg, datt ronn dräi Véirel vun eisem pädagogesche Personal eng spezialiséiert Weiderbildung am Beräich **Beweegungsfërderung-Airtramp** ofgeschloss hunn. Dëst Fachwëssen spigelt sech all Dag an eisen Aktivitéiten erëm a kënnt de Kanner direkt zou.

E weidere wichtege Bestanddeel vun eiser Maison Relais ass eis gutt equipéiert **Ludothéik,** an där Famillje Gesellschaftsspiller ausléine kënnen. Doduerch gëtt d'Spill och doheem gefërdert an et entsti wäertvoll Momenter am Familljeliewen.

All Donneschdeg steet eist **Pathfinder-Spill** um Programm. Dobäi ginn Teamgeescht, Orientéierung, Problemléisung a Kooperatioun op spilleresch Aart ënnerstëtzt.

Besonnesch houfreg si mir op eis enk Zesummenaarbecht mam **Haaptmann's Schlass** zu Berbuerg. Nieft de reegelméissege gemeinsame Momenter ass dëst Joer de sechs Woche laange Projet **„Zäit schenken"** entstanen. Beim gemeinsame Baken, Iessen, Schwätzen a gemittlechen Zesummesëtze sinn wäertvoll Bezéiungen tëscht de Generatioune gewuess. Dëse Projet huet gewisen, wéi vill béid Säite vun esou Begéinunge profitéieren.

Fir eis Kanner aus dem 6. Schouljoer war och dëst Joer d'Ofschlossiwwernuechtung am Bësch ee ganz besonnesche Moment. Ier si hire Wee an de Lycée ugefaangen hunn, konnte si nach eng Kéier zesumme flott Erënnerunge sammelen an hir Zäit an der Maison Relais op eng onvergiesslech Aart ofschléissen.

## Notre Maison Relais

*La nature est également l'un des éléments essentiels de notre quotidien à la Maison Relais.*

*Chaque mardi et jeudi après-midi, nos activités nature ont lieu au **Billegrënnchen.** Ce site exceptionnel offre aux enfants un espace naturel de jeu et d'apprentissage avec une balançoire en forêt, un canapé forestier, des tipis construits par les enfants eux-mêmes, un coin feu, un espace de bricolage avec du bois ainsi que le ruisseau Syre, qui permet toujours de nouvelles découvertes passionnantes. Ici, les enfants découvrent la nature avec tous leurs sens, apprennent à prendre des responsabilités, développent l'esprit d'équipe et peuvent laisser libre cours à leur imagination.*

*En plus des nombreux moments passés en forêt, nous utilisons régulièrement **l'Airtramp** situé sur le campus. Le mouvement fait partie des piliers fondamentaux de notre travail pédagogique et est encouragé de manière consciente dans notre quotidien. Nous sommes particulièrement fiers qu'environ trois quarts de notre personnel éducatif aient suivi une formation spécialisée dans le domaine de la promotion du mouvement à travers l'Airtramp. Ces connaissances spécifiques se reflètent chaque jour dans nos activités et profitent directement aux enfants.*

*Un autre élément important de notre Maison Relais est notre ludothèque bien équipée, où les familles peuvent emprunter des jeux de société. Cela permet de favoriser le jeu également à la maison et de créer de précieux moments de partage en famille.*

*Chaque jeudi, notre jeu **Pathfinder** est au programme. Cette activité permet de développer l'esprit d'équipe, l'orientation, la résolution de problèmes et la coopération de manière ludique.*

*Nous sommes particulièrement fiers de notre étroite **collaboration avec le Haaptmann's Schlass à Berbourg.** En plus des rencontres régulières, un projet de six semaines intitulé « **Donner du temps** » a vu le jour cette année. À travers des moments partagés autour de la pâtisserie, des repas, des discussions et des rencontres conviviales, des liens précieux entre les générations se sont créés. Ce projet a montré à quel point les deux générations bénéficient de ces échanges.*

*Pour nos enfants de la 6e année scolaire, la **nuitée de clôture** en forêt a également été un moment très particulier cette année. Avant de commencer leur parcours au lycée, ils ont pu créer encore une fois de beaux souvenirs ensemble et terminer leur aventure à la Maison Relais d'une manière inoubliable.*

## Partizipatioun liewen

Partizipatioun ass ee vun de Grondwäerter vun eiser pädagogescher Aarbecht. Mir si fest dovun iwwerzeegt, datt all Kand e Recht huet, seng Meenung auszedrécken an den Alldag aktiv matzegestalten.

No ville Jore vun engagéierter Opbauaarbecht ass eise Kannercomité **KAROT** dëst Joer am neie **Campuskommitee** opgaangen, dat elo a gudder Zesummenaarbecht mat der Schoul weidergefouert gëtt. Mir si besonnesch houfreg, datt dëse Projet och ënner eisem Numm **KAROT** weiderlieft an d'Partizipatioun um Campus nohalteg verankert ass.

Partizipatioun beschränkt sech bei eis awer net op de Comité. Och all déi aner Kanner hunn all Dag d'Méiglechkeet, hir Iddien, Wënsch a Meenungen anzebréngen. Mir huelen eis Zäit fir nozelauschteren, diskutéieren zesummen a sichen no gemeinsame Léisungen. Déi vill Projeten, Aktivitéiten an Initiativen, déi direkt vun de Kanner entstane sinn, weisen, wéi vill Kreativitéit, Verantwortung a Gestaltungswëllen an hinne stiechen. Esou erliewen d'Kanner am Alldag, datt hir Stëmm wichteg ass an datt si eise gemeinsame Liewensraum aktiv matgestalte kënnen.

**Merci!**

## Vivre la participation

*La participation est l'une des valeurs fondamentales de notre travail pédagogique. Nous sommes convaincus que chaque enfant a le droit d'exprimer son opinion et de participer activement à l'organisation de la vie quotidienne.*

*Après plusieurs années de construction et d'engagement, notre comité des enfants **KAROT** a intégré cette année le nouveau comité du campus, qui continue désormais son fonctionnement en étroite collaboration avec l'école. Nous sommes particulièrement fiers que ce projet continue à porter le nom de **KAROT** et que la participation des enfants soit ainsi durablement ancrée au sein du campus.*

*Dans notre Maison Relais, la **participation** ne se limite toutefois pas au comité. Tous les autres enfants ont également chaque jour la possibilité de **partager** leurs idées, leurs souhaits et leurs opinions. Nous prenons le temps de les écouter, d'échanger ensemble et de rechercher des solutions communes. Les nombreux projets, activités et initiatives qui sont directement nés des idées des enfants montrent toute la créativité, le sens des responsabilités et la volonté de participer à la construction de leur environnement.*

*Ainsi, les enfants découvrent au quotidien que leur voix compte et qu'ils peuvent contribuer activement à façonner notre espace de vie commun.*

***Merci !***



Zum Schluss wëlle mir all deene Merci soen, déi dëst Schouljoer matgestalt an eis op déi eng oder aner Manéier ënnerstëtzt hunn.

E ganz besonnesche Merci geet un **eis Elteren.** Äert Vertrauen, Ären oppenen Austausch an Är deeglech Zesummenaarbecht si fir eis eng wäertvoll Basis, fir Är Kanner beschtméiglech duerch hiren Alldag ze begleeden.

E grousse Merci och un den **ELVERE,** d'Elterenassociatioun, fir déi gutt an ëmmer méi enk Zesummenaarbecht. Mir freeën eis iwwer déi gemeinsam Initiativen an den engagéierten Austausch.

Mir soe Merci un eise **Träger, de CJF,** fir seng zouverlässeg Ënnerstëtzung an dat Vertrauen, dat eis all Dag entgéintbruecht gëtt.

E besonnesche Merci geet un den **Här Buergermeeschter Jempi Hoffmann,** an un de Gemengesyndikat **SYNECOSPORT** - hir Ënnerstëtzung dréit dozou bäi, datt mir eis Aarbecht an engem héichwäertegen Ëmfeld kënnen ausféieren.

Merci och un **d'Schoulpersonal, den Här Gilles Irthum** an un d'Schoulkommissioun fir déi vertrauensvoll an konstruktiv Zesummenaarbecht. De reegelméissegen Austausch tëscht Schoul a Maison Relais ass fir eis eng wichteg Grondlag, fir d'Kanner optimal ze begleeden.

E grousse Merci geet och un **de Jérôme an de Marc** vum Service Technique. Mat hirem alldeeglechen Asaz suerge si dofir, datt eise Campus funktionéiert an d'Kanner sech an engem sécheren an agreabele Kader beweege kënnen.

Net ze vergiessen ass eis **Kichenequipe,** déi all Dag mat vill Engagement frësch, ofwiesslungsräich a gesond Moolzechte fir eis Kanner preparéiert.

Eise gréisste Merci geet awer un **eis ganz pedagogesch Equipe.** Mat vill Häerz, Fachkompetenz, Kreativitéit an Engagement maacht Dir aus eiser Crèche an eiser Maison Relais eng Plaz, wou Kanner sech wuel, sécher a respektéiert fillen. Ären Alldag ass gepräägt vu Gedold, Opmierksamkeet an der Bereetschaft, all Kand individuell ze begleeden. Dat ass net selbstverständlech, an dofir soe mir Iech vun Häerze Merci.

Zum Schluss wëlle mir natierlech och **eise Kanner** Merci soen. Si fëllen eis Ariichtung all Dag mat Liewen, Virwëtz, Fantasie a Freed. Si inspiréieren eis ëmmer erëm nei a weisen eis, wéi vill ee ka léieren, wann een d'Welt mat oppenen Aen entdeckt.

Mir freeën eis elo schonn op dat neit Schouljoer – op nei Projeten, spannend Entdeckungen, vill flott Begéinungen a virun allem op déi gemeinsam Zäit mat Iech all.

**Carole, Diana, Yelle & Jennifer**

*Pour terminer, nous souhaitons remercier toutes les personnes qui ont contribué à façonner cette année scolaire et qui nous ont soutenus d'une manière ou d'une autre.*

*Un merci tout particulier est adressé à nos **parents.** Votre confiance, vos échanges ouverts et votre collaboration quotidienne constituent pour nous une base précieuse afin d'accompagner au mieux vos enfants dans leur quotidien.*

*Un grand merci également à **ELVERE,** l'association des parents, pour cette belle collaboration qui ne cesse de se renforcer. Nous apprécions particulièrement les initiatives communes ainsi que les échanges engagés et constructifs.*

*Nous remercions notre organisme gestionnaire, le **CJF,** pour son soutien fiable et la confiance qu'il nous accorde chaque jour.*

*Un merci particulier est adressé à Monsieur le **Bourgmestre Jempi Hoffmann** ainsi qu'au syndicat intercommunal **SYNECOSPORT.** Leur soutien contribue à nous permettre d'exercer notre travail dans un environnement de grande qualité.*

*Merci également au personnel de l'école, Monsieur Gilles Irthum et à la commission scolaire pour cette collaboration basée sur la confiance et la construction commune. Les échanges réguliers entre l'école et la Maison Relais constituent pour nous une base essentielle afin d'accompagner les enfants de manière optimale.*

*Un grand merci revient aussi à **Jérôme et Marc** du service technique. Grâce à leur engagement quotidien, ils veillent au bon fonctionnement de notre campus et permettent aux enfants d'évoluer dans un cadre sécurisé et agréable.*

*Nous n'oublions pas non plus **notre équipe de cuisine,** qui prépare chaque jour avec beaucoup d'engagement des repas frais, variés et équilibrés pour nos enfants.*

*Notre plus grand merci revient cependant à toute notre **équipe pédagogique.** Avec beaucoup de cœur, de professionnalisme, de créativité et d'engagement, vous faites de notre crèche et de notre Maison Relais un lieu où les enfants se sentent bien, en sécurité et respectés. Votre quotidien est marqué par la patience, l'attention et la volonté d'accompagner chaque enfant de manière individuelle. Cela n'est pas une évidence, et c'est pourquoi nous vous adressons un merci sincère et chaleureux. Enfin, nous souhaitons naturellement remercier aussi **nos enfants.** Chaque jour, ils donnent vie à notre structure grâce à leur curiosité, leur imagination et leur joie de vivre. Ils nous inspirent sans cesse et nous rappellent combien il est enrichissant de découvrir le monde avec des yeux ouverts.*

*Nous nous réjouissons déjà de commencer cette nouvelle année scolaire avec vous tous : de nouveaux projets, de belles découvertes, de nombreux moments de partage et surtout de précieux instants vécus ensemble.*

***Carole, Diana, Yelle & Jennifer***



**Joa Baum**
Direkter vun der Grondschoul
Direktioun 10

LU

**Léif Kanner, léif Elteren,**
**léift Léierpersonal, léif Alleguerten,**

All neit Schouljoer ass wéi den Ufank vun engem neie Kapitel. Mir wëssen nach net genau, wéi d'Geschicht verlafe wäert, mee mir wëssen, datt si voller Aventuren, Erausfuerderungen a schéine Momenter si wäert.

Am Schouljoer 2026/2027 wëlle mir besonnesch de Bléck op dat riichten, wat a jidderengem stécht: Talenter, Iddien a Potenzial. All Kand ass eenzegaarteg a bréngt seng eege Stäerkte mat. Eis Aufgab als Schoul ass et, dës Stäerkten ze erkennen, ze férderen an de Kanner de Courage ze ginn, hir Fäegkeeten ze entwéckelen.

Mat der Reform Alpha wëlle mir genee dëse Wee weidergoen: D'Kanner begleeden, Talenter sichtbar maachen an nei Perspektiven opmaachen. Léieren heescht net nëmme Wëssen opbauen, mee och sech selwer entdecken a Vertrauen an déi eege Méiglechkeeten entwéckelen.

E grousse Merci geet un eis Kanner, déi eis all Dag mat hirem Virwëtz begeeschteren, un hir Eltere fir hiert Vertrauen an hir Ënnerstëtzung, an un eist Léierpersonal, déi sech mat vill Engagement fir d'Entwécklung an de Bien-être vun all Kand asetzen.

**Loosst eis dëst neit Schouljoer zesumme mat Optimismus, Freed a Vertrauen ugoen. Op e spannend, an inspiréierend Schouljoer 2026/2027!**

FR

**Chers enfants, chers parents,**
**Cher personnel enseignant, chers tous,**

*Chaque nouvelle année scolaire est comme le début d'un nouveau chapitre. Nous ne savons pas encore exactement comment l'histoire se déroulera, mais nous savons déjà qu'elle sera riche en aventures, en défis et en beaux moments.*

*Pour l'année scolaire 2026/2027, nous souhaitons porter une attention particulière à ce qui se trouve en chacun de nous : les talents, les idées et le potentiel.*
*Chaque enfant est unique et possède ses propres forces. Notre mission en tant qu'école est de reconnaître ces forces, de les encourager et de donner aux enfants la confiance nécessaire pour développer leurs capacités.*

*Par la réforme Alpha, nous souhaitons poursuivre cette démarche : accompagner les enfants, révéler leurs talents et leur ouvrir de nouvelles perspectives. Apprendre ne signifie pas seulement acquérir des connaissances, mais aussi apprendre à se découvrir, à développer la confiance en soi et à croire en ses propres possibilités.*

*Un grand merci à nos enfants qui nous émerveillent chaque jour par leur curiosité, à leurs parents pour leur confiance et leur soutien, ainsi qu'à notre personnel enseignant qui s'investit avec beaucoup d'engagement pour le développement et le bien-être de chaque enfant.*

*Abordons cette nouvelle année scolaire avec optimisme, enthousiasme et confiance.*

**Que l'année scolaire 2026/2027 soit pour chacun une année riche en découvertes, en nouveaux apprentissages et en moments inoubliables !**



### Infrastructures

- 01. Maison Relais
- 02. Hall Sportif
- 03. Précoce / École C1 – C2
- 04. École C3 – C4
- 05. Centre Beaurepaire


### Parking & Quais

- 06. Parking pour personnes à mobilité réduite
- 07. Parking Maison Relais
- 08. Parking Public
- 09. Quais de bus
- 10. Parking pour les enseignants

### Zones

- 11. Kiss & Go
- 12. Zone réservée aux élèves/enseignants
- 13. Passage sécurisé






01.
02.
13.
11.
11.
13.
04.
06.
03.
06.
07.
08.
06.
11.
13.
08.
11.
SCB
SCB
SCB
09.
SCB
SCB
SCB
05.
11.
10.

*Représentants des parents*

# Elterevertrieder

**Am Oktober 2025 goufen nei Elterevertrieder gewielt, fir een Mandat vun 3 Joer.**

***En octobre 2025 les nouveaux délégués parent d'élèves ont été élus pour un Mandat de 3 ans.***



Stéphanie RODRIGUES



Myriam OTH



Alain CRAIGHERO



Manon BLOCK



Silvia CASSINELLI



Gaston GENGLER



Marc SILVERIO

## Aktivitéiten:

- Versammlunge mat dem Schoulkomitee fir iwwer PDS, Schoulorganisatioun an divers Themen ze diskutéieren
- Versammlunge mat dem Schoulkomitee a net mat der Schouldirektioun
- Elterevertrieder si mat 2 Memberen och an der Schoulkommissioun vertrueden
- Avis zum PDS ofginn
- Groupe de Travail PEP an Zesummenaarbecht mat der Schouldirektioun, Gemeng Bech/Manternach, Maison Relais a Veräiner aus de Gemengen déi Schoulraim notzen
- Versammlunge mat regionalen an nationalen Eltere Vertrieder
- Versammlunge mat der Direction de l'enseignement fondamental Grevenmacher
- Member vum Comité regional de sécurité
- Aarbechtsgrupp Anti-Mobbing
- Seminaire : Communication école-famille et collaboration interdisciplinaire (CNEL)

Vill Versammlungen a Workshops wou versicht gëtt d'Wuelbefanne vun de Kanner an der Schoul ze verbesseren.

## Activités :

- *Réunions avec le comité d'école pour discuter du PDS, de l'organisation scolaire et de divers sujets*
- *Réunions avec le comité d'école a net mat der direction de l'école*
- *Les représentants des parents d'élèves sont également représentés par deux membres au sein de la commission scolaire*
- *Émettre un avis sur le PDS*
- *Groupe de travail PEP en collaboration avec la direction de l'école, la commune de Bech/Manternach, la Maison Relais et les associations des communes*
- *Réunions avec les représentants régionaux et nationaux des parents*
- *Réunions avec la Direction de l'enseignement fondamental Grevenmacher*
- *Membre du Comité régional de sécurité*
- *Groupe de travail contre le Harcèlement*
- *Séminaire : Communication école-famille et collaboration interdisciplinaire (CNEL)*

*De nombreuses rencontres et ateliers organisés dans le but d'améliorer le bien-être des enfants à l'école.*



*Représentants des parents*

# Elterevertrieder

LU

**Dezember 2025 :**
Gemeinsam Versammlung vun den Elterevertrieder mat de Gemenge Bech a Manternach zesumme mat Membere vun der Elterevereenegung (ELVERE).

Wann dir eis är Iddien oder Schwieregkeeten, am Zesummenhang mat der Schoul, wëllt mat deelen dann kënnt dir eis ënnert der Email Adresse: **ev.bechmant@gmail.com** erreechen.

FR

**Décembre 2025:**
*Réunion commune des représentants des parents avec les communes Bech et Manternach et des membres de l'association ELVERE.*

*Si vous souhaitez nous faire part de vos suggestions ou si vous rencontrez des difficultés liées à la scolarité de votre enfant, vous pouvez nous contacter à l'adresse e-mail suivante : ev.bechmant@gmail.com.*

*L'ELVERE - Association des parents d'élèves « Rénert » Bech/Manternach*

# D'ELVERE - Elterevereenegung „Rénert" Bech/Manternach

**De Comité 2026/2027 setzt sech zesummen aus:**
***Le comité 2026/2027 de compose de :***

**President:** Gaston Gengler
**Tresorier:** Michael Ibendahl
**Secrétaire:** Sacha Schroeder
**Membres:** Fabienne Krier
Anne Hoffmann
Anne Meyers
Mandy Fischbach
Vanessa Steinstrass-Schram
Eldin Marusic

**Aktivitéiten**
- Empfang um éischte Schouldag mat Mëtsche fir all Kanner a Léierpersonal aus der Schoul
- Secondhand Maart
- Schoulfest
- Organisatioun vu Schwammcoursen

**D'Aufgaben an Aktivitéite vun der ELVERE fannt dir op eisem site :**
***L'objet et les missions de l'ELVERE se trouvent sur le site :***

**www.elvere.lu**

# MAISON RELAIS RÉNERT & CRÈCHE MAISON RÉNERT

Agréments SEAS 20190270 & SEAJ 20190274
Gestionnaire : CJF asbl | www.cjf.lu

**Ëffnungszäiten :**
**D'Créche** ass op vu Méindes bis Freides vu: 06:30 – 19:00
**D'Maison Relais:**
(D'Zäite fir d'Kanner aus der Précoce an dem Cycle 1 ënnerscheede sech mëttes an nomëttes ëm 15 Minutte vun deenen anere Cyclen.)

| | |
|---|---|
| **Méinden, Mëttwoch, Freiden** | 06:30 – 08:00<br>12:00 – 14:00<br>16:00 – 19:00 |
| **Dënschden, Donneschden** | 06:30 – 08:00<br>12:00 – 19:00 |
| **Wärend der Vakanz** | 06:30 – 19:00 |

**D'Maison Relais an d'Créche sinn zou** wärend den offiziellen Feierdeeg a vum 21. Dezember 2026 bis den 03. Januar 2027.

Mir sinn den 14. September 2026 **zou** wéinst enger interner Trainingssessioun/Personalentwécklungsdag.

**Bildungs- a Betreiungsstruktur fir Kanner aus de Gemenge Bech a Manternach**

**Eis Offer :**
- Kanner am Alter vun 3 Méint bis 12 Joer
- Altersgerecht Betreiung vun de Kanner adapteiert un hir Besoin'en an un hiren Entwecklungsstand
- Frësch gekachte Mëttegiesse, wat als Buffet servéiiert gëtt
- Programm u Fräizäitaktivitéiten adaptéiert un de Besoin an un den Alter vun de Kanner
- Begleedung a Surveillance bäi den Hausaufgaben. (D'Maison Relais bitt keng Nohëllef un)
- Zesummenaarbecht mat den Elteren, der Schoul an aneren externen Partneren

**D'Erzéierequipe :**
D'Kanner ginn encadréiert vun:
- éducatrices graduées
- éducateurs/trices diplomés/ées
- auxiliaires de vie
- infirmière
- aide-soignantes
- aides socio-familiales
- aides socio-éducatives

**Kontakt :**
Wëllt Dir Äert Kand an der Maison Relais umellen, da kontaktéiert eis:
Carole CERQUEIRA | Diana GLIEBE | Yelle OESCH | Jennifer SERRA

Dir fannt och eis Dagesmenüen an all wichteg Formulairen op:
https://manternach.lu/enseignement/informations/

***Heures d'ouverture :***
***La Crèche*** *est ouverte du lundi au vendredi de 06h30 à 19h00*
***La Maison Relais :***
*(Les horaires des enfants de la Précoce et du Cycle 1 diffèrent de ceux des autres cycles de 15 minutes, aussi bien à midi que l'après-midi.)*

| | |
|---|---|
| ***Lundi, Mercredi, vendredi*** | *06h30 – 08h00*<br>*12h00 – 14h00*<br>*16h00 – 19h00* |
| ***Mardi, Mercredi*** | *06h30 – 08h00*<br>*12h00 – 19h00* |
| ***Pendant les vacances scolaires*** | *06h30 – 19h00* |

***La Maison Relais et la Crèche restent fermées*** *les jours fériés légaux, ainsi que pendant notre fermeture annuelle du 21 décembre 2026 au 03 janvier 2027 inclus.*

*Le 14 septembre 2026, nous serons* ***fermés*** *en raison d'une formation interne / d'une journée pédagogique.*

***Service d'éducation et d'accueil pour les enfants des communes de Bech ou de Manternach***

***Notre offre :***
- *Enfants âgés de 3 mois à 12 ans*
- *Encadrement adapté au développement et au besoin des enfants appropriés à leur tranche d'âge*
- *Restauration équilibrée préparée sur place, servie sous forme de buffet*
- *Programme et activités de loisirs variés adaptés à l'âge et aux besoins des enfants*
- *Accompagnement et soutien des enfants pour la réalisation des devoirs à domicile (sans correction de la part de la Maison Relais)*
- *Collaboration avec les parents, l'école et les autres partenaires externes*

***L'Équipe éducative :***
*L'encadrement des enfants est assuré par notre équipe pluridisciplinaire, qui se compose d' :*
- *éducatrices graduées*
- *éducateurs/trices diplomés/ées*
- *auxiliaires de vie*
- *infirmière*
- *aide-soignantes*
- *aides socio-familiales*
- *aides socio-éducatives*

***Contact :***
*Si vous désirez inscrire votre enfant à la Maison Relais, veuillez nous contacter :*
*Carole CERQUEIRA | Diana GLIEBE | Yelle OESCH | Jennifer SERRA*

*Vous trouverez également nos menus du jour et tous les formulaires importants sur :*
*https://manternach.lu/enseignement/informations/*




**Maison Relais & Crèche Rénert**

Schoultrooss
L – 6831 Berbourg

T. 71 93 63 – 51
E. mr.renert@cjf.lu

## Wëllkomm an der Crèche an der Maison Relais Renert

LU

Zënter 2009 sinn d'Crèche an d'Maison Relais Renert am Häerz vum Schoul- a Fräizäitcampus zu Berbuerg doheem. An enger grénger a naturnoer Ëmgéigend profitéiere mir vu kuerze Weeër, enger moderner Infrastruktur an enger grousser Villfalt u Méiglechkeeten, fir de Kanner en ofwiesslungsräichen Alldag mat vill Beweegung, Spill an Naturerfarungen ze bidden. De ganze Campus gëtt vum Gemengesyndikat SYNECOSPORT an der Gemeng Manternach mat vill Engagement ënnerhalen a permanent weiderentwéckelt.

Direkt nieft eiser Ariichtung leien d'Précoce, d'Spillschoul, d'École fondamentale mat enger moderner Sportshal an de Centre Beaurepaire. Eng grouss Spillplaz, e Fussballsterrain mat Konschtgras an ausgedeent Gréngfläche kompletéieren dëst besonnescht Ëmfeld. Wisen, Felder a Bëscher si bannent e puer Minutten ze Fouss erreechbar a bidden de Kanner all Dag vill Geleeënheeten, d'Natur ze entdecken, sech ze beweegen an nei Erliefnisser ze sammelen.

Och de Fussballsterrain an déi vill Parkméiglechkeete maachen de Campus zu engem liewege Treffpunkt fir Familljen. Zousätzlech bitt d'Gemeng e breet Fräizäitangebot mat Aktivitéite wéi LASEP, Museksunterrecht, Basketball oder Fussball. Vill Kanner huelen un dësen Aktivitéite mat vill Freed deel an notzen d'Offeren ausserhalb vun der Schoulzäit.

## Bienvenue à la crèche et à la Maison Relais Renert

FR

*Depuis 2009, la crèche et la Maison Relais Renert font partie intégrante du campus scolaire et de loisirs de Berbourg. Situées au cœur d'un cadre verdoyant et proche de la nature, nous bénéficions de distances réduites, d'infrastructures modernes et de nombreuses possibilités pour offrir aux enfants un quotidien varié et riche en activités physiques. L'ensemble du site est entretenu et développé en permanence par le syndicat communal SYNECOSPORT et la commune de Manternach.*

*Juste à côté de notre établissement se trouvent la Précoce, l'école maternelle, l'école primaire dotée d'un gymnase moderne, ainsi que le Centre Beaurepaire. Une grande aire de jeux, un terrain en gazon synthétique et de vastes espaces verts complètent l'offre. Prairies, champs et forêts sont accessibles en quelques minutes à pied et invitent chaque jour les enfants à découvrir, explorer et vivre la nature.*

*Le stade de football voisin ainsi que de vastes parkings font également de ce campus un lieu de rencontre animé pour les familles. De plus, la commune propose une offre de loisirs variée avec des activités telles que le LASEP, des cours de musique, le basket-ball, le tennis de table ou le football. De nombreux enfants profitent de ces activités en dehors des horaires scolaires avec beaucoup de plaisir.*



## Raim, an deene Kanner sech wuelfillen

Eis hell, frëndlech a pädagogesch duerchduecht Raim schafen eng Atmosphär, an där Kanner vun all Alter sech sécher a gebuergen fillen. Hei kënne si spillen, léieren, experimentéieren an sech no hirem eegene Rhythmus entwéckelen.

Fir eis Klengst steet eng grouss, hauseegen Spillplaz zur Verfügung, déi reegelméisseg moderniséiert gëtt. Souwuel d'Crèche wéi och d'Maison Relais verfügen iwwer zwou grouss Terrassen, déi d'ganzt Joer iwwer kënne genotzt ginn. Déi méi al Kanner profitéiere vun enger grousser Spillwiss an engem befestegten Ausseberäich hannert dem Gebai, wou si vill Plaz hunn, fir ze spillen, sech ze beweegen an zesummen nei Saachen ze entdecken.

## Zesumme fir d'Kanner

Eng vertrauensvoll Zesummenaarbecht mat alle Persounen, déi den Alldag vun de Kanner matgestalten, ass e wichtege Bestanddeel vun eiser pädagogescher Aarbecht. Mir schaffen enk mat der Schoul, der Gemeng, lokale Veräiner, externe Fachleit an de verschiddene Fräizäitubidder zesummen.
Besonnesch wichteg ass eis och déi enk Partnerschaft mat den Elteren. Duerch en oppenen Austausch, géigesäitegt Vertrauen an eng gutt Zesummenaarbecht schafe mir zesummen en Ëmfeld, an deem all Kand sech sécher, gebuergen an ugeholl fillt. Esou begleede mir all Kand individuell a schafen déi bescht Viraussetzungen, fir sech mat Freed a Selbstvertrauen z'entwéckelen.

## Des espaces pour se sentir bien et découvrir

*Nos salles lumineuses et aménagées avec soin offrent aux enfants de tous âges un environnement dans lequel ils se sentent en sécurité, peuvent jouer, apprendre et s'épanouir.*

*Nos plus jeunes enfants disposent d'une aire de jeux spacieuse sur place, qui est régulièrement agrandie et modernisée. Deux grandes terrasses – tant à la crèche qu'à la Maison Relais – permettent aux enfants de passer du temps à l'extérieur tout au long de l'année. Pour les enfants plus âgés, une vaste aire de jeux ainsi qu'un espace extérieur aménagé offrent de nombreuses possibilités d'activité physique, de jeux créatifs et d'expériences collectives.*

## Ensemble pour les enfants

*Une collaboration basée sur la confiance avec toutes les parties prenantes constitue pour nous le fondement d'un travail pédagogique réussi. C'est pourquoi nous travaillons en étroite collaboration avec le personnel scolaire, la commune, les associations locales, des professionnels externes ainsi que les nombreuses structures de loisirs de la région.*

*Nous accordons une importance particulière à la collaboration avec les parents, fondée sur un esprit de partenariat. Grâce à un échange ouvert et à une confiance mutuelle, nous créons ensemble un environnement dans lequel chaque enfant peut s'épanouir en toute sécurité, en se sentant protégé et accompagné individuellement.*

*Jours & période de fermeture – 2027*

# Schließzeiten & Betriebsferien – 2027

| | |
|---|---|
| Neujahr<br>*Nouvel An* | 01.01. |
| Ostermontag<br>*Lundi de Pâques* | 29.03. |
| Tag der Arbeit<br>*Fête du Travail* | 01.05. |
| Chr. Himmelfahrt<br>*Ascension* | 06.05. |
| Europatag<br>*Journée de l'Europe* | 09.05. |
| Pfingstmontag<br>*Lundi de Pentecôte* | 17.05. |
| Nationalfeiertag<br>*Fête nationale* | 23.06. |
| Maria Himmelfahrt<br>*Assomption* | 15.08. |
| Die Maison Relais zieht um !<br>*La Maison Relais déménage !* | 23.08.2027 – 05.09.2027 |
| Pädagogischer Tag<br>*Journée pédagogique* | 14.09. |
| Allerheiligen<br>*Toussaint* | 01.11. |
| Weihnachtsferien<br>*Vacances de Noël* | 20.12.2027 – 02.01.2028 |



CJF
Grandir ensemble
Zesumme wuessen

SYNECÓ

*Calendrier des vacances et congés scolaires pour l'année scolaire 2026/2027*

# École fondamentale Rénert

*Le règlement grand-ducal du 18 novembre 2015 a modifié l'article 4 du règlement grand-ducal du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires en supprimant la journée du pèlerinage à Notre-Dame de Luxembourg comme étant un jour de congé collectif pour les enfants d'une commune. Désormais ce jour est un jour de classe normal ; néanmoins, les titulaires de classe sont tenus d'accepter les excuses individuelles présentées par les représentants légaux des enfants qui désirent prendre part à cette manifestation. Dans le souci du respect du principe de la non-discrimination, les titulaires de classe sont bien évidemment tenus d'accepter dans un même ordre d'idées les demandes de dispense de fréquentation scolaire pour motif d'assistance à un grand jour de fête religieuse des parents d'élèves qui se réclament d'une autre communauté religieuse.*

*L'année scolaire 2026/2027,* ***débute le mardi 15 septembre 2026 et finit le jeudi 15 juillet 2027.***

***1. Congé de la Toussaint***
*samedi 31 octobre 2026 – dimanche 8 novembre 2026*

***2. Vacances de Noël***
*samedi 19 décembre 2026 – dimanche 3 janvier 2027*

***3. Congé de Carnaval***
*samedi 6 février 2027 – dimanche 14 février 2027*

***4. Vacances de Pâques***
*samedi 27 mars 2027 – dimanche 11 avril 2027*

***5. Jour férié légal***
*samedi 1er mai 2027*

***6. Jour férié légal pour l'Ascension***
*jeudi 6 mai 2027*

***7. Jour férié légal le lundi de Pentecôte***
*lundi 17 mai 2027*

***8. Congé de la Pentecôte***
*samedi 29 mai 2027 – dimanche 6 juin 2027*

***9. Jour de congé pour la célébration publique de l'anniversaire de S.A.R. le Grand-Duc***
*mercredi 23 juin 2027*

***10. Vacances d'été***
*vendredi 16 juillet 2027 – mardi 14 septembre 2027*

**Remarques :**

- *Les classes chôment le jour de la Saint-Nicolas, le 6 décembre.*
- *La veille des vacances de Toussaint, de Noël, de Carnaval, de Pâques et de la Pentecôte, les élèves sont congédiés à la fin des cours du vendredi après-midi.*
- *Le lendemain de la 1ère communion, les classes du 3e cycle de l'enseignement fondamental fonctionnent normalement. Toutefois, les enseignants de ces classes voudront bien accepter d'éventuelles excuses écrites individuelles concernant les absences d'élèves au cours de la matinée.*

*La décision concernant la fréquentation scolaire par les enfants en cas de force majeure ou en cas d'impéries sera communiquée aux parents par voie radiophonique.*

*De toute façon notre école organisera un service d'accueil pour tous les enfants à l'École fondamentale de Berbourg.*

***Loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire.***

*Absences et dispenses*
***Art. 16.***

*Lorsqu'un élève manque momentanément les cours, les parents doivent sans délai informer le titulaire ou le régent de la classe et lui faire connaître les motifs de cette absence.*

*Les modalités d'information en cas d'absence sont déterminées par les lois régissant les différents ordres d'enseignement.*

*Les seuls motifs légitimes sont la maladie de l'enfant, le décès d'un proche et le cas de force majeure.*

***Art. 17.***

*Des dispenses de fréquentation peuvent être accordées sur demande motivée des parents.*

*Les dispenses sont accordées :*
***1.*** *par le titulaire ou le régent de classe, pour une durée ne dépassant pas une journée ;*
***2.*** *par le président du comité d'école ou le directeur du lycée, pour une durée dépassant une journée.*

*Sauf autorisation du ministre, l'ensemble des dispenses accordées ne peut dépasser quinze jours dont cinq jours consécutifs par année scolaire.*

## Info betreffend dem Gebrauch vun Handy & Smartwatch !!

### Information concernant l'utilisation du portable et de la smartwatch

Léif Elteren,

- ✗ ***Den Handy an d'Smartwatch bleiwen doheem oder komplett ausgeschalt am Schoulsak.***
- ✗ ***Bild- an Tounopnamen si wärend der Schoulzäit a wärend dem Schoultransport strikt verbueden.***

Villmools Merci fir Äert Versteesdemech an Är Mataarbecht.
D'Léierpersonal aus der Grondschoul Rénert Berbuerg

*Chers parents,*

- ✗ ***Le portable et la smartwatch doivent rester à la maison ou être complètement éteints dans le cartable.***
- ✗ ***Les enregistrements audio et visuels sont strictement interdits pendant les heures de cours et pendant le transport scolaire.***

*Merci pour votre compréhension et votre collaboration.*
*Le personnel enseignant de l'École fondamentale Rénert Berbourg*

# Structure de l'École fondamentale Renert

## 1. Comité d'école



**Permanence du président du comité d'école**

T. (+352) 621 246 982
E. gilles.irthum@education.lu

(v.l.n.r.)
Gilles IRTHUM (président), Anne HAAS, Nathalie SCHOELLEN, Marcella OLIVI, Carine MEYERS, Nina SCHMIT, Christian WEIS

## 2. Équipes pédagogiques

**Cycle 1 précoce** .......... Kirby DAMIANI, Nathalie MAY, Cathy MEYERS, Danielle NEVE (coordinatrice de cycle), Nadine PIRON, Tessy THOSS

**Cycle 1** .......... Suzanne AREND, Claire BAUSCH, Natascha FOHL, Jil FRIDEN, Cathy MEYERS, Nathalie SCHOELLEN, Nadine PIRON, Nadine WEYDERT, Marcella OLIVI

**Cycle 2** .......... Michèle BEISSEL, Alexandra HEYMANNS, Michelle MANDERNACH, Marion MEYERS, Nina SCHMIT, Sandy SCHOELLEN, Jean SCHMITZ, Chantal THINNES (coordinatrice de cycle), Danielle WEILER, Nadine WEYDERT

**Cycle 3** .......... Magali ELS, Cathy GUIRLINGER (coordinatrice de cycle), Anne HAAS, Jacky HOFFMANN, Marie-Claire POEKER, Veronica SCHMITZ, Jean SCHMITZ, Michelle STEIN, Hélène MANNES

**Cycle 4** .......... Ketty CLEMENS, Ralph DUPONT, Corinne HILGER (coordinatrice de cycle), Gilles IRTHUM, Carine MEYERS, Sandrine SCHINTGEN, Jean SCHMITZ, Tamara TOEPKE, Christian WEIS




(v.l.n.r.)
Mandy RISSÉ, Céline DESPIEGELAERE, Nathalie MAY, Cathy MEYERS, Tessy THOSS, Nadine PIRON, Kirby DAMIANI, Marcella OLIVI, Claire BAUSCH, Danielle NEVE, Natascha FOHL, Jil FRIDEN, Nathalie SCHOELLEN, Suzanne AREND, Nadine WEYDERT




(v.l.n.r.)
Alexandra HEYMANNS, Nina SCHMIT, Michelle MANDERNACH, Michèle BEISSEL, Chantal THINNES, Marion MEYERS, Sandy SCHOELLEN, Danielle WEILER, Steffi SCHLECHTER




(v.l.n.r.)
Anne HAAS, Jacky HOFFMANN, Cathy GUIRLINGER, Veronica SCHMITZ, Michelle STEIN, Jean SCHMITZ, Magali ELS




(v.l.n.r.)
Carine MEYERS, Gilles IRTHUM, Sandrine SCHINTGEN, Christian WEIS, Corinne HILGER, Ketty CLEMENS, Ralph DUPONT, Tamara TOEPKE



**I-EBS/A-EBS**
(v.l.n.r.)
Marta TEIXEIRA FRAGA
Stéphanie SCHLECHTER

**Bibliothèque**
Ralph DUPONT
Carine MEYERS
Nadine PIRON

**Accueil**
Edith WINANDY

**Délégué à la sécurité**
Christian WEIS

**Informatique**
Cathy GUIRLINGER
Christian WEIS
Danielle WEILER

**Remplaçants permanents**
David BAULER
Diane HOURSCHT
Yasmine PHILIPS

# Commission scolaire du Synecosport

Jempi HOFFMANN (président), Max PESCH, Carole CERQUEIRA, Stéphanie GRETSCH, Stéphanie RODRIGUES, Nathalie SCHOELLEN, Alain CRAIGHERO, Gilles IRTHUM, Gilles KARTHEISER

# Syndicat Synecosport

**( 2023 à 2029 inclus )**

Jempi HOFFMANN ( président ), Max PESCH ( vice-président ), Jeanne LERUTH, Gilles KARTHEISER, Frank HELLERS, Michael IBENDAHL, Nico SCHMIT, Christian TURK

Secrétariat : Martine TURPEL
1, Schoulstrooss | L–6831 Berbourg
Tel.: 71 93 63 – 817
E-mail : secretariat@synecosport.lu

# Bureau Synecosport



(v.l.n.r.)
Jempi HOFFMANN, Jeanne LERUTH, Gilles KARTHEISER, Max PESCH

# Service de conciergerie et du secrétariat du Synecosport

Marc KOHN ( concierge adjoint ), Martine KRIER-TURPEL ( secrétaire ), Jérôme LOETSCH ( concierge )

*Numéros utiles*

# Nëtzlech Telefonsnummern

| Synecosport | École fondamentale | Direction Régionale |
|---|---|---|
| Martine KRIER-TURPEL<br>Secrétaire | Gilles IRTHUM<br>Président du comité d'école | Joa BAUM<br>Directeur de région Grevenmacher (DR 10) |
| 1, Schoulstrooss<br>L – 6831 Berbourg | 1, Schoulstrooss<br>L – 6831 Berbourg | Office Park 2 - Potaschberg<br>17, rue de Flaxweiler<br>L – 6776 Grevenmacher |
